N°1370
Entrée le 16.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.10.2024

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 16. Oktober 2024

Här President,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel weiderzeleeden.

Am Joer 2022 huet déi grouss Enquête mam Titel "Shadow Diplomats", geleet vum "International Consortium of Investigative Journalists a ProPublica", opgedeckt, datt op d'mannst 500 aktuell a fréier Honorarkonsul:innen a Strofdoten oder strofrechtlech Erméttlunge verwéckelt sinn. Zu de Strofdoten hu beispillsweis Drogen- a Waffenhandel, Mord, Sexualstrofdoten a Bedruch gehéiert. Eenzelner sollen och Ënnerstëtzter vu korrupte Regimmer wéi Nord-Korea, Syrien oder der Hisbollah gewiescht sinn. A Reaktioun op déi Entdeckungen hu verschidde Länner Konsequenze gezunn.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel follgend Froe stellen:

- Wéi vill Honorarkonsul:inne vun anere Länner sinn zu Lëtzebuerg? Ëm wéi eng Länner handelt et sech?
- Suivéiert d'Regierung d'Aktivitéite vun auslännesche Honorarkonsul:innen hei zu Lëtzebuerg? Wa jo, wéi gesäit dee Suivi aus?
- Goufen Honorarkonsul:innen vun anere Länner hei zu Lëtzebuerg an der ernimmter Enquête vun 2022 genannt? Wa jo, ëm wien handelt et sech a wéi eng Konsequenze goufe geholl?
- Huet d'Lëtzebuerger Regierung no der ernimmter Enquête vun 2022 zousätzlech Moossnamen ergraff, fir d'Funktioun vun den Honorarkonsul:innen méi transparent ze gestalten? Wa jo, wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu